DIPPECHER DACHSEN

SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

Comité
Rapport vun der Versammlung vum

Presencen:

	Jo	Nee
Grün Bob	X	
Seyler Mars	X	
Grosbusch René	X	
Marson Aloyse	X	
Peltier Nico	X	
Alldis Monique		X
Konsbrück Julien	X	
Theisen Benoît		X
Monville Yves	X	
Graf Lynn		X
Backes Chris	X	

Ordre du jour :

1. Allocution de bienvenue du président
2. Rapport du secrétaire
3. Compte rendu des activités de l'exercice 2016-2017 par le chef de groupe
4. Compte rendu de la situation financière
5. Rapport des réviseurs de caisse
6. Approbation des comptes de l'exercice 2016-2017
7. Décharge du comité et des réviseurs de caisse
8. Élection de 2 réviseurs de caisse
9. Fixation de la cotisation annuelle
10. Élection des membres du comité
11. Divers

1. Allocution de bienvenue du président

Madame Buergermeschter, Här Deputeierten, dir Hären Schäffen a Konselljeeën,
Här Eirepresident leiiw Scoutsfreen

Gudden Owend Alleguer,

Ech sin fro iech bei eis Begreissen ze kennen , wei all Joer op dem Tradionnelle Rendez-vous vun den Dippecher Dachsen fir deen Bilan iwwer dat vergangen Joer ze Zeien.

Mir hun also lescht Joer mat ennger neier Equip ugefangt mat dem Lynn Graf als Gruppechef an de Chris Backes als Assistent
Am laaf vum Joer huet Lynn eis awer matgedeelt dass hat no dem Joer neet geif als Gruppechef wieder machen.

Mir soen him Villmols Merci fir sain Asatz.

Sou dass mir fir dest Joer hun missen een neinen Gruppechef sichen den mir dan am Chris Backes fonnt hun.

Mir wenschen him bonne chance an senger neier Fontioun.
Ech wollt awer dann och hei all deenen Cheffen ,Menberen vun der Amicale an dem Comité Villmols Merci soen fir dei Aarbescht die si am Benévolat am Intressi vun den Dippecher Dachsen leschten

Ech soen iech villmols Merci.

2. Rapport du secrétaire

De Groupe haat an der Saison 2016-2017 125 aktiv Memberen.

Am Laaf vum Joer haat de Comité un 7 verschiddener Versammlungen deelgeholl, an daat waren :

- 4 Comitéssetzungen :
    - 11. Januar 2017
    - 8. März 2017
    - 10. Me 2017
    - 28. Juni 2017

- 3 Comité-Réuni-Setzungen :
    - 13. September 2016 (Virbereedung Vizfest)
    - 13. Februar 2017
    - 13. Juni 2017 (virbereedung Kirmes)

- 1 Versammlung fir d'Virbereeden vum 25. Anniversaire vun den Dachsen :
    - 14. März 2017

- 1 Versammlung op Gemengeniveau mat der Kulturkommissioun fir d'Organisatioun vum Kreschtmaart

Mir hunn zesummen mat der Amicale 4 Intern- a Lokalaktivitéiten organiséiert :
- Vizfest + Verkaf den 9. Oktober 2016
- Cactus-Grillstand de 17. an 18. März 2017
- Buergbrennen de 4. Abrëll 2017
- Dachsekirmes den 18. Juni 2017

Mir hunn zesummen mat der Amicale un 3 Duerfmanifestatiounen deelgeholl :
- Chrëschtmaart den 3. a 4. Oktober 2016
- Grouss Botz de 25. März 2017
- Nationalfeierdag den 23. Juni 2017

Mir hunn dann och nach 2 federalen Aktivitéiten deelgeholl :
- AG FNEL de 15. September 2016
- Pow-Wow Mamer de 9. Juli 2017

3. Compte rendu des activités de l'exercice 2016-2017 par le chef de groupe

1. Memberen

Eisen Grupp haat lescht Saison em die 130 aktiv Memberen. Während dem Joer hun sech och eng Reih nei Leit an den Grupp ageschriwwen.
Den Trend ass duerchweg positiv, mir hun bis elo schon ronn 20 nei Aschreiwungen fir dëst Joer.

2. Formatioun

Eng Reih Cheffen hun lescht Joer hier Formatioun mat Erfolleg ofgeschloss an domad den Brevet deen als Animateur (C) an Aide animateur (B)-Brevet vum Stad unerkannt ass erlaangt: PASSAGEM Soraia (CC), ANDRE Lucie, DUARTE Katia, KAHN Michelle, SEYER Julie (ACC), MILIC Stefan, PEPIN Cédric (ACM), RALINGER Max (ACT), BACKES Chris (Masterclass) TOTAL: 1 CU Formatioun an 7 ACU Formatiounen
All aktiven Chef huet och un enger Formation continue deelgeholl.

3. Gruppeprogramm

- Dippecher Dachsen Cheffe Camp 2016, vum 8. bis den 11. September (fir d'5.Keier am Scoutshome zu Schuller), wou d'Cheffen an hieren Branchen en flotten Joeresprogramm opgestallt an mir eng Reih flott Momenter ennert Cheffen erliewt hun.
- Assemblée générale vun der FNEL, den 15. September, op där mir als Dachsen mat 12 Délégeierten vertruden waren

- Schnupperversammlung, den 17. September (Programm entdecken kommen) an Cheffendag, den 18. September am FNEL Siège an der Stad op Invitatioun vun den Telstar (engleschsproochegen Scoutsgrupp vun der FNEL)
- Montée, de Weekend vum 24. an 25. September
- Vizweekend, vum 7. bis den 9. Oktober: Vizpressen (7. Oktober), wou mir iwwer 600 Fläschen frëschen Viz ofgefëllt hun, Verkaaf (8. Oktober) an Vizfest (9. Oktober) (Träipen&Co).
- Assemblée générale, den 11. November, bei der Gelegenheet hu mir och eis eischt grouss Eltereversammlung säit Joeren organiséiert, op där eis Cheffen den Elteren Ried an Äntwert gestan hun
- Chrëschtmaart zu Schuller, den 3. a 4. Dezember, op deem mir als Grupp deelgeholl hun an lecker Gauffren an Käschten un de Mann a Fra bruecht hun
- Verspriechen am Grupp, den 21. Januar um Zolwerknapp, wou eis nei Memberen hiert Verspriechen an deen een oder aneren och säin Foulard feierlech iwwerreecht krut an mer eis owes mat enger gudder Zopp stäerken konnten
- Buergbrennen, den 4. März
- Grouss Botz, den 25. März an Zesummenaarbescht mat der Emwëltkommissioun, den lokalen Veräiner an enger Hellewull engagéierten Bierger
- Gruppecamp, vum 19. bis den 22. Abrëll um Misärshaff am Thema Geheimagent 00Dax
- Gruppesortie, den 27. Mee zu Berduerf am Thema Steenzäit
- Dachsenkiermes, den 18. Juni
- Pow-Wow 2017, den 8. an 9. Juli zu Mamer am Thema Reimer, d'Mamer Wiselen hun keng Käschten an Meihen gescheit, fir eis ee flotten Weekend ze bereeden, Sonndes sin eist Katapult an eis réimesch Werkstatt och zum beschten Posten gewielt gin
- En Highlight vum Scoutsjoer war sëcherlech och den fédéralen Summercamp « Sauvage » bei Coburg an Däitschland vum 2. bis den 12. August mat baal 300 Participanten am August, un deem net manner wie 17 Scouten (9 Scouten&Guiden, 3 Troupecheffen, 3 Explorer, 1 Staff) vun den Dachsen deelgeholl hun. Am "Saulach" ass keen Aën drëschen bliwwen ;-)

4. Brancheprogramm

- Colonie (6-8 Joer)
  3 Campen (Ritter zu Bouneweg, Gruppecamp um Misärshaff, Summercamp am Thema Disney zu Colmar-Bierg), een Weekend (Piraten zu Peiteng) an 3 Sortien (Kachsortie, Weltrees), Moyenne 10 Kanner op den Aktivitéiten bei 6 Cheffen
- Meute (8-11 Joer)
  16 Versammlungen,dovunner 5 Naturversammlungen op der Hauskëppchen zu Schuller (Holzhütten, Spiller,...), 5 Sortien, 1 Weekend am Thema Hippie an 4 Camp'en, dorënner den Summercamp zesummen mat den Echternoacher Quaichléken am Thema Steenzäit, +/- 17 Wëllefcher op all Versammlung présent
- Troupe (11-15 Joer)
- RovEx (15-26 Joer)

5. Divers

Mir hun aktuell eng jonk Cheffenéquipe, doweinst sin ech ëmmer frou, och Cheffen an mengem Alter erëm op den Aktivitéiten begréissen ze kennen. Dei jonk Cheffen kennen nëmmen vun hierer Erfahrung profiteieren (erkläeren wei een sech organiséiert, well dat

kennt net vun haut op muer, Traditiounen an Ritualer vun Generatioun zu Generatioun weidervermëttelen).
Et ass ganz flott mat enger jonker an motivéierter Cheffenéquipe zesummenzeschaffen, ech sin och frou, dass sech e puer vun eisen eeleren Cheffen bereed erkläert hun, dëst Joer dei eng oder aner administrativ Charge ze iwwerhuelen.
An mengem 2. Joer als (A-)CG vun den Dachsen wëll ech virun allem deenen Leit Merci soen, dei mer meng Fonctioun lescht Joer mat hierer Hëllef vereinfacht hun.
E groussen Merci och un meng formidabel Cheffenéquipe fir hier Aarbescht. En Groussdeel vun hinnen verbréngen en Groussdeel vun hieren Weekender bei den Dachsen, wou si net nëmmen den Programm an eis Fester virbereeden an en flotten Programm fir d'Kanner vun all Alter duerchfeieren, mee och sëlwer hieren eegenen Programm an hier eegen Projeten opsetzen an réaliseieren.
Wann een och all eis Versammlungen (Grupperot,...) matzielt, dann kommen an engem Mount eng jëtt Stonnen un bénévoler Aarbescht zesummen, doweinst sin ech stolz mat dësen Jugendlechen schaffen ze kennen.

Chris

4. Compte rendu de la situation financière

Den Exercice 2016-2017 ass op den 31.08.2017 mat folgenden Solden ofgeschloss ginn:
- Kont PowWow : 1 226,56 €
- Kont Projets : 10 094,29 €
- Kont courant : 9 677,99 €

5. Rapport des réviseurs de caisse

De Carlo Neu an de Klaus Grossekathöfer hunn de Bilan kontrolléiert an als korrekt emfond.

6. Approbation des comptes de l'exercice 2016-2017

De Bilan vum Exercice 2016-2017 ass eestemmeg vun der A.G. ugeholl ginn.

7. Décharge du comité et des réviseurs de caisse

D'A.G. huet dem Comité , dem Keesier an den Keesenrevisoren Décharge ginn.

8. Élection de 2 réviseurs de caisse

Als Kassenrevisoren sin de Carlo Neu an de Klaus Grossekathöfer fir 2 Joer approuvéiert ginn.

9. Fixation de la cotisation annuelle

D'Cotisatioun fir dat kommend Scoutsoer bleiwt onverännert bei 30,00€.

10. Élection des membres du comité

Folgend Comitésmemberen sinn dest Joer austriedend an eremwielbar :
- Monique Alldis
- Nico Peltier
- René Grosbusch
- Mars Seyler
- Bob Grün

Eremgewielt sinn folgend Leit :
- Monique Alldis
- Nico Peltier
- Bob Grün

De Comité setzt sech also wéi folgt zesummen :
- Monique Alldis
- Nico Peltier
- Bob Grün
- Benoît Theise
- Julien Konsbruck
- Aloyse Marson
- Yves Monville

Automatesch am Comité ass eisen Gruppechef :
- Chris Backes

11. Divers

Zum Schluss huet den Här Hahn, 1. Cheffen, d'Wuert ergraff a Merci gesoot……

Den Owend ass dunn bei engem gemittlech Pättchen ausklengen geloos ginn.

Yves Monville
Sekretär